N° 6176
Reçue le 08.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6176 vum 10. Mee 2022 vun den honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser an Roy Reding**

**Ad 1):**
De Policeminister gëtt de gesetzelche Kader fir datt d'Police kann handelen, hien ass allerdéngs net an di operationnel an alldeeglech Polizeiaarbecht agebonnen. D'Präparatiounsaarbecht am Virfeld vun enger Manifestatioun fällt an den Aufgabeberäich vun der Police, zesumme mam Buergermeeschter vun der betraffener Gemeng.

**Ad 2)**

D'Police verfüügt iwwert en Service d'évaluation du risque, dee kontinuéierlech déi allgemeng Bedrohungslag am Zesummenhang mat spezifesche Policedispositiver (Schutz vun auslännesche Vertriedungen, offiziell Visitte vu Staatsgäscht, gréisser Manifestatiounen, asw.) analyséiert. Bei där Manifestatioun em déi et sech an dëser parlamentarescher Fro dréit, ass och esou eng Risikoanalyse gemaach ginn.

Den Dag vun der Manifestatioun „Pour le libre choix médical" war eng weider Manifestatioun géint de Krich an der Ukrain an der Uewerstad virgesin. D'Madamm Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg huet als Autorité de décision, no Ofsprooch mat der Police, déi 2 Manifestatiounen autoriséiert, ënert der Konditioun, dass se statesch an op sécherem Ofstand vunenee stattfannen, aus Grënn vun der ëffentlecher Sécherheet.

D'Police huet béi deenen 2 Manifestatiounen duerfir gesuergt, dass alles am legale Kader vun den Autorisatiounen ofleeft an dass d'Sécherheet vun de Bierger an d'ëffentlech Uerdnung garantéiert bleiwen.

Wéi schon ënnert Ad 1) erkläert intervenéiert den Policeminsiter net an déi alldeeglech Policeaarbecht.

**Ad 3)**

D'Manifestatiounsrecht ka net op Grond vu politeschen Interessen ageschränkt ginn. Esou Aschränkunge, si nemme méiglech wann d'ëffentlech Sécherheet, notamment d'Sécherheet vun de Manifestanten an déi vun den anere Bierger, net garantéiert ka ginn.

Lëtzebuerg, den 08. Juni 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX